

CLAUDE SCHMIT

De Claude Schmit ass 1947 zu Wolz gebuer, Neveu vum Lex Roth, an ass 1981 Proff an deem Lycée ginn, wou hien selwer Schüler war: dem Kolléisch.

Do dertëscht war eng spannend politesch Etappe an der Extreme Gauche, vun 1972 bis 1976. Deemno huet de Claude Schmit scho ganz fréi eng gewëssen Onrou verspürt, e gewësse Virwëtz fir Neies.

De Claude huet fir säi Liewe gären enseignéiert: Philosophie-wou een e bësse geschwieft ass- a Franséisch als Pendant, méi pied à terre. Mee iergendwann huet de Claude gemierkt, dass dat him net géif duergoen. Hien wollt net just Kappaarbecht maachen. Hien huet kloer gespürt, dass hien huet missen eppes mat sengem Kierper ufänken.

Dofir huet hien ugefaangen Piano ze spillen, war beim Pierre Cao an der Chorale, huet de Prix de capacité an der Dictioun beim Philippe Noesen gemaach, expression corporelle, Jazz dance, danse moderne, a finalement Theater an Art dramatique, wou hien vum Ed Maroldt entdeckt gouf.



Seng éischt Rollen waren stomm Rollen, de Claude war en exzellente Mime. Zb huet hien brilléiert als Scapin. Hien haat säi ganz eegene Stil, eng gewësse Musicalitéit an der Bewegung.

Theaterspillen huet him och a senge Klassen eng nei Presenz verschafft. Seng nei an aner Kierperaura woust d'Schüler ze begeeschten.

Hien huet quasi een duebelt Liewe gefouert. Mam Claudine Pelletier owes Beckett zu Bréissel gespillt, an den aneren Dag nees viru senge Klasse Schoul gehalen. Theaterwelt huet de Claude als eng extrem stark Géigewelt par rapport zum normale Liewen empfongt: irreell, zum Deel destruktiv, wou Gefiller operass

goufen, deemno de perfektem Ausgläich zum zevill mam Kapp an de Bicher hänken.

Hie spillt am Kasemattentheater, am TOL, am Kapuzinertheater, an och Cabaret zesumme mat beschtbekanntem Acteuren wéi Fernand Fox, Heidi Jacoby, Conny Scheel a Christiane Schlechter.

Vun 1981 bis 2006 war hien Acteur a Regisseur am TOL an am Kapuzinertheater. Hie fënnt selwer, dass hien e bessere Regisseur war wéi Schauspiller. Theater ass keen Eizi Eizi. Do léiert ee mat Konkurrenz ëmgoen. Eng haart Schoul.

Als Regisseur ass een anescht gefuerdert. Do muss een sech aloossen ob den Text, op dat wat de Schauspiller engem ze bidden huet, dobäi eng gewëssen Orientatioun ginn, an eppes mautsche loossen. Ënnert senger Regie gouf e.a. d'Stéck Liaisons dangereuses opgefouert, mam Jules Werner a Valerie Bodson.


Parallel zum Schoulhalen, Theater spillen a Regie féieren koum dunn 1987 eng nei Aufgab derbäi.

Wéi nämlech de Philippe Noesen mat den Jeunesses théâtrales opgehalen huet, krut de Claude eng Decharge als Proff fir ab 1987 des nobel Aufgab ze iwwerhuelen, an zesumme mam Marc Olinger de Schüler den Theater méi no ze bréngen. Eng Aufgab, déi him immens vill Freed gemaach huet. Am Stéck „Tel quel.... As is“ (d'Geschicht vun enger homosexueller Koppel, wou een Partner un Aids stierft), stoung hien als Acteur vum TOL virun de Schüler an den Lycéeën op der Bün, an huet de ganze Public un d'Kräischen kritt.

Et géllt him an dësem Kader eng Theaterfassung vum Camus sengem Etranger op d'Been ze stellen. Eng Weltpremière an en Succès total.

Als fräie Mataarbechter beim 100,7, an dat zanter dem Radio sengem Ufank, diskutéiert de Claude Schmit bis 2015 an der Emissioun „Usiichten“, zesummen mam Julie-Suzanne Bausch, 8-9 mol am Joer nei Philosophiebicher.

No senger Pensioun 2008 fänkt de Claude Schmit u mat Schreiwen. A no sou engem ofwiesslungsräichen a spannenden Liewen fléisse sécherlech vill Emotiounen, Gedankegäng, Erfarungen mat a seng Romaner an. Eng nei Passioun ass gebuer. Eng Passioun der hir Wuerzelen warscheinlech zum Deel ob seng Zäit als Regisseur zréckginn, wou Schreifaarbecht huet misse geleescht ginn, wou hu missen Texter ugepasst ginn, Liaisonen gesicht ginn asw.



Säin éischte Roman "**La tristesse du hibou**", ee philosophesche Krimi, kennt 2012 eraus. Beim Concours littéraire gouf hien dofir mat enger Mention ausgezeechent-eng Bestätegung fir seng nei Passioun ze verdéiwen.

Fir seng Romaner mécht de Claude Schmit vill Recherchen, baut op historesch an zäitgenëssesch Fakten op, a versicht de Lieser derzou ze beweegen d'Personnagen an hiert Handeln ze verstoen, am Platz ze urteilen.

E puer vu sengen Bicher erausgepickt, déi iwwregens alleguer bei Editions PHI erauskomm sinn:

Elle dit seulement: viens! (2013): eng pensionéiert Koppel zitt sech op de Bodensee zréck. D'Fra, faszinéiert vum Moment vum Stierwen, geréit a gelunge Kreesser, an entwutscht hirem Mann ëmmer méi. Eng Meditatioun iwwert d'Stierwen an den Doud.

Emile-Un enfant des Lumières (2014), en historeschen Entwécklungsroman, wou den Emile, deen iwweezecht ass de Fils vum Jean Jacques Rousseau ze sinn, queesch duerch Europa op de Spueren vu sengem « Papp » reest, gepräagt vu Persounen a philosophesche Stréimungen. (ausgezeechent mam éischte Präis beim Concours littéraire national)

Reynaert au Pays des Merveilles (2015), spillt zu Lëtzebuerg, e Roman, wou sech alles em d'Fro dréit: wat ass ee Vollek, wat ass eng Natioun, hir Identitéit, Geschicht an hir Zukunft. Radikale Patriot versus Kosmopolit.

Kinderland (2017): an dësem Buch geet et em di däischter Carrière vum Faustus Leibfried, engem Dokter, Chef-Nazi an den Maternités vum Lebensborn zu Berlin, Lëtzebuerg a Paräis. Abordéiert ginn d'Themen Eugenismus, Humanismus an Transhumanismus.

A la recherche du Rien perdu (2018), wou e Bibliothekär sech mat de Froe beschäftegt. Wisou gëtt et eppes? wisou gëtt et net näischt? Guer näischt.

Parfum de chasteté (2019), wou mer e Journalist erliewen, op der Sich nom Glawe, a nom Sënn vum Liewen. Hien verännert säi Liewen radikal, sicht Askes, an befaasst sech mat dem gespléckte Verhältnes vun eenzele Katholicken zur Sexualitéit.

A ganz gespaant dierfe mer all op säi neie Roman sinn **Les fleurs du Mâle**, deen deemnächst erauskënnt, wou et em e Paräisser Inspecteur de Police geet, deem säi Fils en Transsexuellen ass, an als Sänger grouss Carrière mécht. Hei steet Männlecheet am Virdergrond. Wéini ass e Mann e Mann? Virun allem soll de Lieser di eenzel Personnagen an hiert Denken verstoen.

Villmools Claude Schmit
Eisen Austausch war héich spannend.

Françoise Hetto-Gaasch
Kulturschäffen

Iwwregens, wann d'Corona et zouléisst, da kann een de Claude Schmit den 28. Mäerz 2021 am Schlass an der Buerger erliewen bei de Soirées littéraires. Oder soss op dëse Link <https://www.junglinster.lu/audio-claude-schmit> goen fir eng Lieserproov live ze erliewen.